LUX



# D'Hiewanskonscht – d'Konscht vun der Gebuertshëllef

Wëssensschätz a Gebräicher, déi d'Natur an den Universum betreffen 2020-05-06 Print

Zanter ëmmer an iwwerall op der Welt hunn erfahre Fraen, Hiewannen genannt, aner Frae virun, während oder no der Gebuert ënnerstëtzt. D'Hiewanen hu fundamental medezinesch, anatomesch an obstetresch Kenntnesser. Wann och déi mëndlech Iwwerliwwerung vun dëse Kenntnesser vu Fra zu Fra ëmmer wichteg wäert bleiwen, ass 1877 déi éischt staatlech Hiewaneschoul zesumme mat enger Maternité, ënnert dem Patronage vum Conseil médical,

an der Reiderkasär am Pafendall, engem Viruert vun der Stad Lëtzebuerg, entstanen.

D'Hiewane begleeden déi Fraen, déi an aneren Ëmstänn sinn, hir Kanner an hire Partner vum Ufank vun hirer Schwangerschaft bis zum Enn vum Nieren, wat méi wéi zwee Joer kann daueren. Bannend der Schwangerschaft maachen d'Hiewane Kontrollvisitten, gi Rotschléi, bidden Hëllef un oder hale Virbereedungscoursë fir d'Gebuert. Si begleeden d'Famill am Iwwergang an deen neie Liewensabschnitt, an deem si Eltere sinn.

Besonnesch ervirhiewe kann ee bei der Begleedung duerch eng Hiewan, dass si mat wéinegen techneschen Hëllefsmëttelen eens gëtt. Si gebrauchen haaptsächlech hir natierlech Sënner (d'Gehéier, de Geroch, d'Beréieren, d'Gesinn). Hiert wichtegst Instrument sinn hir Hänn fir d'Lag, d'Gréisst, d'Vitalitéit an och d'Positioun vum Kand (Leopold-Handgrëffer) festzestellen. Mat Hëllef vun engem Pinard-Stethoskop kënnen si d'Häerztéin vum ongebuerene Kand héieren. Duerch dësen direkte Kontakt an d'Aweiung an deen natierlechen a physiologeschen Oflaf léiert déi schwanger Fra eppes iwwert sech selwer an hire Kierper. Dës perséinlech Kompetenz, d'Wäertschätzung an de Respekt géigeniwwer sech selwer begënschtegen d'Entstoe vun enger ganz enker Bezéiung tëschent Mamm a Kand (bonding). Dat féiert zu zouversiichtleche Mammen, zu Kanner, déi vill méi gesond sinn, an zu Familljen, déi prett sinn, hir Responsabilitéiten ze iwwerhuelen an sech ëm hiert Wuelbefannen ze këmmeren.

Aus dësem Grond engagéiert sech d'Weltgesondheetsorganisatioun (WHO) fir d'Praxis vun den Hiewanen. Si gëtt Empfeelunge fir virun an no der Gebuert eraus. D'WHO réit, datt Hiewanen eng Betreiung bannend der Schwangerschaft, der Gebuert selwer an och an der Zäit dono offréieren, fir eng Kontinuitéit an hirer Hëllef ze garantéieren. All Joer ass de 5. Mee den Internationalen Dag vun der Hiewan.

D'ALSF (Association luxembourgeoise des sages-femmes), Member vun der Conférence internationale des sages-femmes (ICM), ass 1919 gegrënnt ginn, fir d'Intressie vum Beruff ze verdeedegen. D'Associatioun bréngt d'Hiewanen zesummen, déi sech zu Lëtzebuerg duerch eng grouss kulturell Diversitéit auszeechnen. Hir gemeinsam Passioun an hiert Engagement fir d'Famill féieren automatesch zu enger Eenheet, déi schwéier ze trennen ass. Zu Lëtzebuerg kennen de Staat, de Corps médical an d'Gesellschaft d'Konscht vun den Hiewanen un. Verschidden ëffentlech Plaze sinn nom Numm vun enger Hiewan benannt, fir d'Erënnerung un eng Persoun an hiert Kënnen am Déngscht vun de Generatiounen oprecht ze erhalen.

D'Hiewanskonscht ass zanter dem 29. Juli 2019 am nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwen zu Lëtzebuerg ageschriwwen.



## D'Hiewanskonscht - the Art of Midwifery

Knowledge and practices concerning nature and the universe 2020-05-06 Print

From the early beginnings of human history, midwives have assisted women worldwide before, during and after childbirth. These experienced women have fundamental medical, anatomical and obstetric knowledge. Although the oral tradition of passing on knowledge from woman to woman will always play an important part, the first state school of midwives, featuring a maternity, was established in 1877 under the patronage of the medical council in

the former cavalry barracks in the Pfaffenthal, a suburb of Luxembourg City.

Midwives guide pregnant women, their children and their partner through the different stages of pregnancy and childbirth right through to the end of breastfeeding, which can last up to two years. During pregnancy, midwives will carry out check-up visits, offer advice and teach antenatal classes. They accompany the family through this transition period into a new stage of life - parenthood.

It should be highlighted that a midwife needs very few technical means of support in guiding a woman through pregnancy. Midwives rely on their natural senses (hearing, smell, touch and vision). Their most important tools are their hands, which they use to determine position, size or presentation of a child (Leopold manoeuvres). They listen to the heartbeat of the unborn child with the help of a Pinard stethoscope. This direct contact and an inauguration into the natural and physiological process teaches the pregnant woman to get a deeper understanding of herself and her body. Personal competence, appreciation and self-esteem favour natural bonding between mother and child. This leads to confident mothers and healthy children laying the foundation for families ready to take on responsibility and safeguard their well-being.

To support this, the World Health Organisation (WHO) becomes involved in promoting the practice of midwifery. The organisation publishes recommendations on antenatal support and assistance in childbirth. WHO recommends the involvement of midwives during pregnancy, delivery and the postnatal period to ensure continuity of care. The International Day of the Midwife is celebrated every year on 5 May.

The ALSF (Luxembourgish Association of Midwives), member of the ICM (International Midwife Association), was founded in 1919 in order to defend the interests of the midwife profession. The association unites midwives in Luxembourg, characterised by a significant cultural diversity. Their shared passion and their commitment to families create a bond that is difficult to sever. In Luxembourg, the art of midwifery is recognised by the state, the medical council and society at large. Some public places are named after a midwife to commemorate their personality and skills for generations to come.

'Hiewannskonscht', the art of midwifery, was included in the national inventory of intangible cultural heritage of the Grand Duchy of Luxembourg on 29 July 2019.

Link: